N°3304
Entrée le 08.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.12.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg gëtt d'Kommunikatioun tëscht Bierger:innen a Verwaltungen duerch d'Gesetz vum 24te Februar 1984 sur le régime des langues encadréiert. Den Artikel 4 vum Gesetz gesäit vir:
*"Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant."*

An der Praxis ass d'Situatioun awer net ëmmer kohärent: Verschidde Verwaltunge schreiwen zimmlech konsequent an där Sprooch zeréck, an där e Bierger si kontaktéiert huet. Aner Verwaltungen oder Gemenge kommunizéieren dogéint oft op Franséisch, och wann d'Demande vum Bierger explizit op Däitsch oder op Lëtzebuergesch gemaach gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Moossnamen existéieren, fir datt all Verwaltungen – Ministèren, Gemengen oder sos ëffentlech Verwaltungen – de Bierger:innen an der Sprooch vun hirer Wiel äntweren?
   Aneschters: Wéi gëtt séchergestallt, dass den Artikel 4 vum uewe genannte Gesetz respektéiert gëtt?

2. Firwat kommunizéiert een Deel vun de Ministèrë systematesch op Franséisch, och wann d'Bierger explizit op Däitsch oder op Lëtzebuergesch kommunizéieren oder eng Sproochepräferenz uginn hunn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Ass virgesinn, datt Bierger op myguichet.lu eng Sproochepräferenz kënnen uginn, déi dann zentral fir all Verwaltunge gëllt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten